STATUS QUO

DE NEIE STANDARD_07/02/17

ILEMinternl

Galerie Spotlight: Ehemalige LEM-Schüler stellen aus

Noch bis zum 10. Februar 2017 stellen ehemalige Schüler des LEM, die mittlerweile in anderen Lycées Kunstsektionen besuchen, ihre besten Arbeiten aus. Eva Larusson und Zara Zawidzki haben sich die Bilder angesehen.

Céline Munisso

Es ist sehr, sehr schön gemalt mit den Bleistiftsfarben und dass der Hund der Eule so in die Augen schaut ist auch besonders schön. (Zara)

Antoine Lesch

Das Motiv ist ziemlich klein, aber besonders. Man erkennt nicht so wirklich was es ist, aber ich glaube es ist ein A. (Zara)

Die verschiedenen Formen und Farben sind schön und Teile vom Bild sind in 3D, das finde ich cool. (Eva)



Ich mag wie sie dieses Bild gemalt hat. Licht und Schatten hat sie gut vermischt. Das Bild hat eine bestimmte Bedeutung, aber ich kann sie nicht genau beschreiben. (Zara)

Das Bild ist sehr kreativ. Ich liebe momentan Regenbogen und um das Auge herum sind sehr viele verschiedene Farben. (Zara)

Charlotte Meyer

Ich finde das Bild einfach schön gemalt. (Zara)

Ich fühle mich frei, wenn ich das Bild anschaue und die Farben im Hintergrund sind sehr schön mit einander vermischt. (Eva)

Savannah Schaak

Ich finde es besonders schön, dass sie diesen Kontrast zwischen Leben und Tod malt. Ich finde es schön, wenn man „stylische“ Totenköpfe malt. (Zara)

Ich liebe den Totenkopf mit den Blumen, ich fühle mich einfach froh. Die Augen des Tigers sind sehr genau gemalt. (Eva)

De Proff vum Mount Januar: Yannick Bianchini

An hei den éischte Proff vum Mount fir d'Joer 2017 - garantéiert demokratesch gewielt: de Yannick Bianchini.

Foto: Eric De Oliveira

Wat haalt Dir vu Schouluniformen?

Ech fannen dat gutt a géif dat witzeg fannen. Wann ech an England ginn, fannen ech dat zimlech cool, wann Leit alleguer selwecht ugedoe sinn. An ech sinn et och bësse gewinnt, duerch Sportsstonnen, well wéi ech an der Belsch an der Schoul war, hate mer all déi selwecht Kleeder un, déi selwecht T-Shirten a Boxen.

Dat war ëmmer zimlech cool an ech géif dat zemools am Sportscours cool fannen, vu datt ech Sportsproff sinn. Ech géif dat och an dëser Schoul cool fannen, da géif mol jiddereen anstänneg ausgesinn. Ech fannen dat ass eng Form vu Respekt géigeniwwer vun de Proffen. Dat géif villäicht hëllefen.

Wat war an der Schoul Äert Lieblingsfach?

Mathé mengen ech, a Science. Sport och, mee bei eis war dat null.

Wat fir Strofen denkt Dir lech fir Schüler aus, déi am Cours stéieren?

Pompelen, dat wëssen se all. Pompelen oder op d'Säit setzen. Wierklech Strofen, nee. Am Ufang vum Joer streng sinn, jo, well an der Sportshal ass et geféierlech wann se net all Nolauschteren, wéinst der Gesondheet a fir datt keen sech verletzt. Mee wierklech Strofe ginn ech normalerweis net. Ausser et huet een en Knätsch oder sou.

Wollt Dir schonn ëmmer Proff ginn?

Nee, guer net eigentlech. Ech sinn op d'Uni gaange fir Sport, mee ech wollt kee Proff ginn. Mee dann am 3., 4. Joer, hunn se eis proposéiert fir e klenge Stage an der Schoul ze maachen. Ech war dee Stage da maachen an et huet mech begeeschtert.

An elo seit 12-13 Joer maachen ech ëmmer méi an der Schoul a manner niewelaanscht, well et mech einfach begeeschtert mat Jugendlechen ze schaffen. Ech wollt ni, wei all Jugendlechen, zréck an d'Schoul goen - bis zum leschte Joer vun der Uni.

Wat denkt Dir vum Donald Trump?

Vill Schlechtes, ech fänke léiwer net un domadder, soss sëtze mer nach Stonnen hei. Ech hu Famill an Amerika an ech kann nëmmen de Kapp rëselen. Dat eenzegt Positiv dat ech kéint soen, ass dass hien zimlech al an dofir hoffentlech net méi laang un der Muecht ass, mee eigentlech kann ech beim beschte Wellen näischt Positives iwwert hie soen.

Wéi al sidd Dir?

Wei al ech sinn weess bestëmmt jiddereen. Ech hunn zwee Kanner, een vun 3 Joer 1/2 an ee vu 5 Joer 1/2. Ech si Mëtt 30.

Wat war Äert peinlechst Erliefnis?

Ech mengen eng Kéier wei ech Judo Matte futti gemaach hunn, dat war nach zu Hollerech, wéi mer nach keng Sportshal haten, do si mer ëmmer ob de Geesseknäppchen turne gaangen. Ech wollt Step mat de Schüler maachen an do si Matte futti gaangen. An eng Kéier wou mer schlecht Wieder aus dem Mond komm sinn virun engem Schüler, do misst ech mech viru sengen Elteren entschëllegen. Dat war och zimlech peinlech.

Wat fir dräi Saache géift Dir mat op eng einsam Insel huelen – alles Liewenswichteges ass schonn do?

Meng Fra an meng zwee Kanner.

Interview: Anna Kater